PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/12/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

D'Verfassung hält a sengem Artikel 108 fest, dass *"La rédaction des actes de l'état civil et la tenue des registres sont exclusivement dans les attributions des autorités communales."* Den Artikel 108 Paragraf 4 hält fest, dass *"La commune est administrée sous l'autorité du collège des bourgmestre et échevins, dont les membres doivent être choisis parmi les conseillers communaux."*

Op dëser Basis gëtt am Code civil gereegelt, wéi Hochzäiten hei am Land mussen ofgehale ginn. Den Artikel 44bis vum Code civil gesäit Folgendes vir: *"Le bourgmestre peut déléguer à un ou plusieurs fonctionnaires communaux, employés communaux ou salariés à tâche principalement intellectuelle au service de la commune, les fonctions qu'il exerce en tant qu'officier de l'état civil pour la réception des déclarations [...] de partenariat, [...] de même que pour dresser tous les actes relatifs aux déclarations ci-dessus."* Den Artikel 165 vum Code civil gesäit vir, dass d'Hochzäit vun den zukünfteger Koppel ëffentlech virum Officier de l'état civil vun der Gemeng muss ofgehale ginn.

Eng Fro, déi sech awer stellt, ass wien dës Hochzäiten als Officier de l'Etat civil am Numm vum Staat dierf aktéieren. Op www.vdl.lu ass an der Rubrik "Organiser un mariage" ze liesen, dass de Buergermeeschter oder säi Representant d'Hochzäit duerchféiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi eng Persoune kënne vum Buergermeeschter eng Delegatioun vun der Funktioun als Officier de l'état civil kréien?
2. Kënnen och d'Membere vum Gemengerot als Officier de l'état civil fungéieren? Falls jo, wéi eng Konditioune mussen dofir erfëllt sinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député